association des institutrices et instituteurs de l'éducation préscolaire

aip info

# Questionnaire

## Ëmfro Januar 2010

## AUSWERTUNG

## fréijoer 2010

# Association des institutrices et instituteurs préscolaires

**Présidente :**

**HILD Yola**
36, rue de Mamer
L-8081 Bertrange
Tél école: 4796 6676
Gsm: 621 250 173
e-mail: yola.hild@education.lu

**Secrétaire:**

**THILL-BUCHMANN Simone**
36, op der Schanz
L-6225 Altrier
Tél + Fax : 790 374
Tél école: 790 730
e-mail: thill.simone@education.lu

**Trésorière :**

**HOULLARD Michèle**
1, Wise Strooss
L-3336 Hellange
Tél: 691 66 08 02
e-mail: michele.houllard@education.lu

**Homepage:** www.aip.lu

**Membres :**

**THEOBALD-SCHMIT Joëlle**
24, rue de Mensdorf
L-6911 Roodt-sur-syre
Gsm: 691 250 269
e-mail: joelle.theobald@education.lu

**STAHL Anne**
12, rue Kummert
L-6743 Grevenmacher
e-mail: astahl@pt.lu

**Poos Nathalie**
55, Haaptstrooss
L-6869 Wecker
Gsm: 691 789 914
e-mail: nathalie.poos@hotmail.com

**Siège social et adresse postale :**

**AIP**
**c/o THILL-BUCHMANN Simone**
36, op der Schanz
L-6225 Altrier
Tel + Fax : 790 374
Tél école: 790 730
e-mail: thill.simone@education.lu

Vu lenks no rechts: Michèle Houllard, Simone Thill, Yola Hild, Nathalie Poos, Anne Stahl a Joëlle Theobald.

# Editorial

## Lëtzebuerg - wat méchs du mat denger Schoul ?

Zanter dem September 2009 schaffe mir, Léierinnen a Schoulmeeschteren, an der « école fondamentale ».

Et war ons kloer, dass eng ganz Panoplie vu neien Erausfuerderungen op ons giff duerkommen. Mir schaffen a « cycles », halen « appui », fëlle fir all Kand ee « bilan » aus, gehéieren zu engem « team pédagogique », si vläicht Member oder Präsident an engem « comité d'école » . Dozou kënnt, dass all Schoul sech ee « plan de réussite scolaire » gëtt, d'Schoulpartner sech regelmässeg gesinn an...an...an...

Mat all dësen Neierunge versichen d'Léierinnen an d'Schoulmeeschteren eens ze ginn a maachen hiert Bescht, fir d'Qualitéit vun onser Schoul héichzehalen.

Leider bedeit dës ganz Reform een enorme Pensum un zousätzlecher Aarbecht, virun allem administrativer Aart, déi net de Kanner zegutt kënnt, mee eng Kujenat fir d'Léierpersounen ass.

Mir krute wuel vum MEN versprach, no dräi Joer giff ee Bilan gezu ginn, all Kritiken, positiver a negativer Aart, giffen analyséiert an noutwendeg Upassunge virgeholl ginn. Dëst Verspriechen huet ons motivéiert , ons Aarbecht gewëssenhaft z'erleedegen.

Mee wéi wa mir nach net genuch ze dinn hätte wéinst all deene Schikanen, hunn déi iwwerfläisseg Mataarbechter vum MEN sech getommelt, fir ons nach séier de « contingent » opzehalsen. An de Schoule gëtt gezielt a gerechent - déi meescht Schoule kréien Enseignanten ewechgeholl, an e puer kréien der derbäi.

Fir ons ze berouegen, hu mir gesot krut, dat giffe mir kaum spieren, a schliesslech misste mir ons mat deene Kollege solidaresch weisen, déi a Schoule sinn, wou d'Schoulhale vill méi problematesch wier.

Wat ass d'Resultat vun dësem Spuer-Beitrag vum MEN ? An de Schoulgebaier geet et héich hier, d'Kollegen aus deene verschiddene Zykle streiden, fir wichteg Posten ze behalen (déi no villen Diskussiounen vun de Gemengen accordéiert goufen), aussergewéinlech interessant Schoulprojete musse gestoppt ginn, well Leit feelen oder sech ënnereneen net méi verstinn - an d'Enseignanten, déi jo kandzentréiert Schoul sollen halen, sti nees viru Klasse mat bis zu 22 Kanner .

Amplaz am Staatsbudget der ëffentlecher Schoul déi néideg finanziell Mëttele bereetzestellen, déi gebraucht gi fir ons Schoulreform optimal ëmzesetzen, gëtt vum MEN op eng iwwerstierzt Aart a Weis eng Spuermoossnam geholl, déi alles op d'Kopp geheit.

Do wou de MEN onbedéngt hätt missen aktiv ginn an alles hätt missen drusetzen fir d'Reform funktionéieren ze doen, do mierke mir näischt! D' « Equipe multidisciplinaire », eng Neierung, déi virgesi war an déi enorm wichteg wier, well si ons all vill giff hëllefen (zemol de Kanner), ass quasi inexistent. Ieren eng weider Spuermoossnam ??

Leider feelt ee wichtegen Artikel am Schoulgesetz, nämlech deen, dee fuedert, dass all déi beflasse Mataarbechter vum MEN, déi ons dës Reform agebrockt hunn, no 5 Joer MEN nees misste selwer Schoul halen !

## Oh, MEN, wat méchs Du aus Denger Schoul !

# Questionnaire AIP: Aner Froen, Iddiën a Virschléi

*Mir soen nach eng Kéier villmools Merci fir är vill Äntwerten an är gudd Mataarbecht. Mir hu gemierkt, datt eppes huet misse geschéien an datt d'Leit aus eisem Cycle och zu Wuert musse kommen. Leider kënne mer net all Froen, Iddiën a Virschléi hei ernimmen, mir hate schrecklech vill Äntwerte kritt, sou dass mer d'Haptidiën gruppéiert a resüméiert hunn. Elo hoffe mer datt mer um MEN och en oppent Ouer fannen an datt e verschidde Mëssstänn esou séier eréi méiglech besäitegt ginn.*

*Folgend Iddiën a Virschléi krute mir vun iech/eise Memberen geschriwwen a gemailt. Fir authentesch ze bleiwen, hu mir bewosst de Leit hier original Texter gedréckt. Mir als AIP oder och dir sidd villäicht net ëmmer därselwechter Meenung, mee mir wollten hei déi verschidden Opfaassunge veröffentlechen.*

## Elterenconsultatioun:

- Wéi handhaabt Dir Är Elterenconsultatioun? -wéi oft ?
  1. Trimester: individuell Elteren-/Bilanëngespréicher (28 x Elteren)
  2. Trimester: Portfoliogespréicher (5x 5-6Elteren)
  3. Trimester: Gespréicher an Ofschlossfest (à définir)
- Et wier gutt, wann mol en offiziellt Dokument vum MEN géing kommen, jiddfer Schoul mécht dat sou, wéi se et fir richteg fënnt.
- Hat Dir organisatoresch Problemer dobäi? Nee, mee geet dat d'nächst Trimester, well meng 40 Stonne fir Elterenaarbecht elo schonn opgebraucht sinn? Mee ech si jo net esou, well ech hu jo och virun der Reform net op d'Auer gekuckt!
- Dat eenzegt wat un de Bilanë gutt ass, sinn déi Elterngespréicher, mee déi hunn ech och scho vrun der Reform gehal, ouni se ze chronometréieren an awer och just 2x am Joer amplaz elo all Trimester. Mee gutt datt se den Drock aus dem Primaire eraushuele fir eis lo eng Zort Zensur opzedrécken.
- Et ass en immensen Zäitopwand, den op Käschte vun der Preparatioun geet.
- D'Elteregespréicher miissten der Kannerzuel ugepasst ginn. 40 Stonnen fir egal wivill Kanner?
- D'Eltere froen onméiglech Auerzäiten, esou gi vill Nomëtteger drop an awer kommen se net all, si melle sech awer och net of.
- Wann et den Elteren no geet wëllt jidderee just dien Daach an déi Stonn komme wou et hinnen am beschte passt, soss si si net bereet ze kommen. Sou mussen d'Elteregespréicher moies fréi, spéit owes oder esouguer de Weekend gemaach ginn. Ech geséich gären eng Verwaltung wou d'Personal esou flexibel ass, oft schonns virun der Zäit gëtt do kee méi ugeholl. Dat heescht d'Enseignanten hunn ze paréieren a ginn anescht aklasséiert wéi aner Staatsbeamten. Ech gesich gären déi Ministère wou ee kënnt komme wann ee wëllt. Mir ginn nach just vun den Obregkeeten, grad esou wéi vun den Elteren wéi die leschten Dreck ugesinn an hunn ze paréieren; well wiere kënne mer eis net vill?
- D'Eltere kommen net ëmmer an d'Eltereconsultatioun a melle sech och net of.

### D'Positioun vun der AIP:

- *Hei fuerdert d'AIP, datt déi eenzel Enseignantë selwer däerfen décidéieren, wéi si dat Ganzt wëllen organiséieren.*
- *Et kann net sinn, datt d'Enseignanten nëmme Flichten hunn, mee och d'Eltere sollen dat matgedeelt kréien. Et kann net sinn, datt ee fréi moies, an der Mëttesstonn, owes spéit, souguer Samsdes a Sonndes muss untriede fir all d'Eltere kënnen z'emfänken. Net fir näischt hu verschidde vun eise Kollege matzen am Joer kapituléiert, aus gesondheetleche Grënn oder hunn hir Pensioun éischter ugetratt wéi virgesinn. Net fir näischt schwätzen se haut vum "Burnout" an dat gëtt et ëmmer méi dachs och an eisem Beruff. Vill jonk an awer och eeler Kolleg(inn)en fillen sech iwwerfuerdert. Déi eng brauchen nach méi Zäit fir sech virzebereeden an déi aner si kierperlech um Enn, wann dat vu moies fréi bis owes spéit ouni Ennerbreechung viru geet.*

# Bilan:

## Hat Dir Problemer beim Ausfëllen vun de Bilanën?

- Et huet eis jo nach kee gesot, ob dat och sou richteg war déi 1. Kéier, also kann een och net direkt vu Problemer schwätzen. Jiddereen huet dat sou gemat wéi e gemengt huet, obwuel mer an de Réuniounen vum MEN waren. Am meeschten huet mir den LBK1 bruecht, wou mir 2 Stonnen intensiv iwwer d'Bilanën geschwat hun, mat ville praktesche Beispiller, an dat am klenge Grupp.
- Eigentlech wollt ech se net ausfëllen, well ech do dergéint sinn klenge Kanner ee Bilan auszefëllen. Et ass wichteg d'Kanner ze beobachten an ze wësse wou se stinn an dat fir mech opzeschreiwen an et den Eltere matzedeelen, mee dat an sou ee Bilan ze schreiwen ... ech hu laang iwwerluegt wat a wéi ech et soll do dra schreiwen, well jo awer net wierklech kloer ass, wien eng Kéier déi Bilanën an de Grapp kritt. A wa se lo tatsächlech just an irgendee Schaf leie kommen, dann deet et mir fatzeg Leed fir all déi Stonnen déi ech mir dofir de Kapp zerbrach hunn fir eng adeequat Formulatioun ze fannen.
- Jo, wéi soll een et formuléieren; ech géif et als grouss Erliichterung & méi objektiv fannen, wann mir een interaktiven Bilan hätten, wou FAERDEG FORMULEIERT Sätz, déi zoutreffen, kënnen ugeklickt ginn an déi duerno erausgeprint ginn als Bilan.
- Et war net esou einfach bei verschidde Kanner wéi een et soll schreiwen, datt d'Elteren et och verstinn.
- Jo, et weess ee net wéi een et soll dréinen, datt jiddereen et tselwecht versteet an datt et net ze negativ kléngt.
- Jo, déi eng Elteren waren veronséchert (ass eist Kand gutt genuch?) anerer hu gemengt si missten eis Aarbecht bewäerten.
- Jo, well mer net genau wossten wéi a wat. De Punkt vun den gemeinsamen Objektiver huet ons virun allem Kappzerbrieches bereet, well d'Eltern do net onbedingt vill gesot hunn.
- Et hëllt ganz vill Zäit an Energie eweg, déi ee soss an d'Aarbecht mat de Kanner investéiert huet.
- Ech hat Problemer beim Ausfëlle vun de Bilanën bei Kanner "à besoins spécifiques", et ass komplizéiert fir do alles positif ze formuléieren.
- Dat Bilanënheftchen ofschafen, just ee Virbereedungsblad fir d'Joffer wou si hir Notize fir d'Elteregespréich opschreiwe kann a fir d'Eltere just déi Infosäiten iwwert d'Socles an déi kënne jo och an de Classeur oder de Portfolio kommen. An 2 Elteregespréicher am Joer ginn an deene meeschte Fäll duer.
- Ech souz 2 Weekender do fir d'Preparatioun vun de Bilane, ganzer konzentréierter 4x8 Stonnen plus all déi Stonnen déi ech am Virfeld mat Beobachtungen, Notizen, Diskussiounen, etc verbruecht hunn. Uuh sou schwaarz op wäiss gëtt et mer do e bëssen dronken an ech war mer net sécher a wéi engem Relevé ech déi sollt verbuchen an der ganzer Stonnecomptabilitéit. E bësse Sarkasmus muss sinn, soss ass dee Pabeierkrom do net ze erdroen.
- Jo, et ass net einfach e Planning ze maachen, wann een 23 Kanner huet. Verschidden Elteren hunn sech net un d'Horairen gehalen oder se si guer net komm an hunn sech net entschëllegt.
- Problemer, jo der hate mer:
  1. Beim Cycle 1 war net genug Plaz fir alles dohin ze schreiwen.
  2. Déi eng Bilane sinn horizontal, déi aner vertikal auszefëllen, wat een duerchernee mecht.
  3. De Pabeier ass net saugfäheg genuch.
- Positiv-Bilan intermédiaire: an den Elterengespréicher kënnt ee méi séier op de Punkt! (allerdéngs géif 2x d'Joer déck duer goen!!!)
- Bilane just 2x am Joer, Bilanën sinn oniwwersiichtlech.
- Gutt a net gutt bei de Bilanen:
  1. Eng gutt Preparatioun fir de Bilan ass, wann een am Viraus eng Kartei vun all Kand féiert.

2. Mir hate Problemer beim Ausfëllen fir dat alles positiv ze formuléieren, dat verfälscht e bessi d'Realitéit.

- An de Bilane feelen 2 Beräicher:
  1. "Dat sinn ech", d'Entwécklung vum Kand, seng Biographie; dat wat typescherweis an de Portfolio kënnt.
  2. "Schüler ginn", all d'Saachen, déi néideg sinn fir sech an der "Schülerroll" erëmzefannen, z.B. Autonomie, Organisatioun...
- Kompetenzen: well mir mat verschiddene Kanner aus verschiddene Klassen Appui maachen, hu mir fir all Kand eng Kartei ugeluecht. Mir halen do fest wat fir eng Kompetenzen d'Kand schonns erreecht huet.
- Zu de Bilanen: et gëtt Kanner bei deene fënd een net vill Positives an et ass wichteg d'Elteren iwwert dat ze informéieren, wat net sou gutt leeft. A bei aneren, wou alles super leeft, wat soll een do nach verbesseren? Heiansdo gëtt et bei de Bilanën Formulatiounsschwieregkeeten, well jo näischt Negatives soll virkommen.
- Wéi soll een eppes Negatives positiv formuléieren.?
- Bei de Kanner "à besoins spéciaux" kann een net nëmme Positives dohinner schreiwen. Et muss een och Negatives kënne festhalen, well soss maachen d'Elteren sech e falscht Bild vun hirem Kand an erkennen d'Problemer net. Nëmme wann d'Problemer zu Sprooch kommen, kann och eng gezielten an efficace Hëllef agesat ginn.
- D'Rentrée vum Précoce soll nationaliséiert ginn. Nëmmen 2 Bilanen am Joer. Manner Kontroll, manner Paperassen.

## D'Meenung vun der AIP:

- *D'AIP ass der Meenung dass 2 Bilanen am Joer an alle Joer vum Cycle 1 duer ginn. D'Kanner an eiser Alterstranche brauchen eng gewëssen Zäit fir sech anzeliewen, fir sech eppes ze trauen an sech och dozou ze äusseren. Bei 3 Bilan intermédiairen am Cycle 1.1 an 1.2. huet een net genug Zäit fir verschidde Kanner ze beobachten a bei de Kanner aus eiser Altersgrupp geet d'Entwécklung heiando schubweis, sou datt et besser ass wann zäitlech méi e groussen Intervall dertëschent ass. Well déi Entwécklungsstéiss oder "Critical events" komme ganz onerwaart an net no Datum, sou datt bei diem nächste Bilan net schonns eppes muss derbäi komm sinn, souguer d'Elteren hu gemengt et wier dies Gudden einfach zevill.*

# Zum Précoce?

- Konkret Direktive wat Transport a Maison Relais fir de Précoce ugeet.
- Transport fir de Precoce méiglech maachen.
- D'Rentrée vum Précoce soll nationaliséiert ginn.
- Zum Précoce:
  1. Et soll op nationalem Plang geregelt sinn, wéi d'Rentréeën solle stattfannen. Verschidde Kanner musse sou 2 Joer Précoce maachen, well se hir 4 Joer nach net virun dem 1. September kruten.
  2. Manner obligatoresch Versammlungen a Pabeieren auszefëllen.

## D'Meenung vun der AIP:

- *D'AIP ass der Meenung, dass de Précoce op nationaler Ebene soll gehandhaabt ginn. Mindestens 4 Plage miisste fir all Kand zur Verfügung stoen.*
- *D'Schoulgesetz muss et och méiglech maachen, datt d'Précocekanner mat dienen néidege Kompetenzen am Laf vum Joer däerfen an de nächste Cycle eriwwer wiesselen.*
- *Och de Schoultransport oder de geleegëntlechen Transport (an den Turnsall féieren, an de Bësch féieren, an de Kasperltheater...) soll fir d'Précocekanner iwwerall méiglech gemaach ginn. Well*

*nëmmen esou kënne mer verschidde Kanner och an de Précoce kréien. Oft sënn et manner bemëttelt Familljen, déi hir Kanner dann einfachheetshalber doheem halen. Et sënn awer just des Kanner, déi et am meeschte bräichten. Mat engem méiglechen Transport kann och de Précoce hire Kanner eppes Spezielles ubidden wat hir Entwécklung ka förderen.*

*D'Kanner aus dem Précoce musse kënnen an d'Maison Relais, de Foyer oder an d'Kantin goen. Den Transport spillt heibäi oft eng Roll. D'Elteren, déi zu zwee schaffe mussen, géifen hier Kanner sou éischter an de Précoce wéi an eng Crèche ginn.*

# Formation continue:

- Bei der "Formation continue" sollt net virgeschriwe ginn, wat prioritär ass, mee datt jiddereen dat fir sech selwer soll décidéieren; d'Haaptsaach et mécht ee Fortbildungen.
- All "Formation continue" unerkennen a méi Offeren no der Schoulzäit.

## D'AIP ass der Meenung:

- *Bei der "Formation continue" misst een all LBK1- oder Portfolio-Formatioun unerkannt kréien, och déi Formatiounen zu desen Themen, déi virum 15. September waren. Vill Enseignantë wollte gutt virbereed si fir dat neit Schoulgesetz, dofir fanne mir et net richteg, datt des Formatiounen net unerkannt ginn.*
- *D'AIP ass der Meenung, dass all Formatioun unerkannt soll ginn, op prioritär oder net.*

# Ersatz:

- D'Prozedur, fir en Ersatz ze sichen, méi einfach maachen.
- Et wor besser, wéi ee vun alle Cyclen den Ersatz gesicht huet. Lo klappt et manner gutt, mir hunn oft keen Ersatz.
- Et koum keen Ersatz. Mir sollten 57 Kanner op 2 Klassen opdeelen. Dëst war net ideal.
- Ersatz ass schwéier ze fannen, zemools fir kuerz Zäit, et sin der net genug do, also gëtt d'Klass opgedeelt oder deelweis fräi Stonne falen flaach.
- Et klappt iwwerhaapt net, et traut ee sech mol net bei enger Mogripp doheem ze bleiwen, wëll soss d'Kollege mussen asprangen, hir Fräistonnen afferen oder d'Classe ginn opgedeelt.
- Dat as schlecht. Am einfachsten ass et nach ëmmer, et telefonéiert ee selwer ronderëm.
- Mir hu Chance, datt mir eng ganz léif Persoun hunn, déi eng hallef Tâche huet a während hirer Tâche bereet as mol en aneren Enseignant z'ersetzen wa kee vum "Bureau Régional" fond ginn ass. Dachs hu mir awer och scho Kanner aus enger Klass an 2 Gruppe gespléckt! D'Problematik ass datt ee réischt vu 7 Auer mueres un den Dag selwer uruffe kann, wann een owes scho mierkt et geet net, huet ee bei eis keng Méiglechkeet op eng Mail-Box ze schwätze (bei eis huet d'Gemeng dat net iwwerholl. Zu Déifferdeng a Schëffleng mengen ech, ass et nach d'Gemeng déi d'Absencë geeréiert). Virdrun huet dat mat der Gemeng besser geklappt, well een op eng Mail-Box schwätze konnt an déi natierlech méi Zäit haten een Ersatz ze fannen. Bon, déi lescht Zäit wor besser bei eis, do wore Remplaçant'en fond ginn. Eng aner Problematik ass, fir eng Formatioun, déi ech maachen (all 2. Mount bis Dezember 2010) muss ech selwer een Ersatz fannen, wann deen am leschte Moment ausfällt, huet ee keng Alternativ, wéi en anere musse selwer ze fannen oder d'Formatioun falen ze loossen!
- Bis 3 Deeg musse mir am Team eens ginn, vum 4 Dag un kennt een Ersatz.
- Dat as schlecht. De Weekend kënnt een u keen, moies ass dauernd besat an da fanne si keen a mir mussen ënnert de Kollegen improviséieren an déi aner Kanner opdeelen a fir si mat Schoul halen.

| Aner Ideeën a Virschléi: (Der Heefegkeet no klasséiert) | |
|---|---|
| Manner Paperassen | 17 |
| Nëmmen 2 Bilan'en am ganze 1.Cycle | 16 |
| Méi Ersatz | 12 |
| Den Appui muss an d'Schoulzäit falen | 11 |
| Déi selwecht Tâche wéi déi aner Cyclen | 8 |
| All " Formation continue" soll zielen | 8 |
| Keen Appui am Précoce, well 2 Intervenant'en | 6 |
| Keng Zäit méi fir eng sérieux Préparatioun | 6 |
| Keng Zäit méi fir sech op d'Kanner ze konzentréieren | 6 |
| Sënn iwwerfuerdert, zevill Stress | 6 |
| No der Schoulzäit sënn eis Kanner ze midd | 5 |
| Dat Ganzt brengt kee weidere Rendement | 5 |
| Keen Appui a keng Versammlunge nohuelen | 5 |
| Wéi soll een eppes Negatives positiv formuléieren? | 4 |
| All Inspekter soll d'Gesetz d'selwecht applizéieren | 3 |
| Manner Kontroll | 3 |
| Nei Schoulzäiten (8-12.30 oder 8-13 Kanner am Précoce an d'Jofferen duerno Concertatioun) | 3 |
| Keen Appui am Cycle 1 | 3 |
| Kloer Consignen | 3 |
| Manner Concertatiounen | 3 |
| De Précoce iwwerall am Land d'selwecht organiséieren | 2 |
| Méi Multiprofessioneller asetzen | 2 |
| Transport fir de Précoce méiglech maachen | 2 |
| Kompetenzorientéiert schaffen ass gudd | 2 |
| Manner obligatoresch Versammlungen | 2 |
| Méi Offer vun « Formation continue » no der Schoulzäit | 2 |
| Mobbing a Bespëtzelung | 2 |
| Bilan der Kannerzuel upassen, méi Kanner méi Stonnen (net gerecht) | 2 |
| Bilan am Précoce gëtt zevill Elterestonnen | 2 |
| All LBK1 Formatioun misst unerkannt ginn egal wat fir ee Joer een dra war | 2 |
| Altersdécharge muss et och fir Appui, Concertatioun a Formatioun ginn | 2 |
| Elteregespréicher sinn opreiwend | 2 |
| Am Précoce guer keng Bilan'en | 1 |
| Déiselwecht Strukture gebrauche kënnen wéi déi aner Cyclen | 1 |
| Bilan'en: d'Enseignant'en besser préparéieren am Viraus | 1 |
| Formation continue vun 2009 zielen | 1 |
| All Elteregespréich virun an no der Schoul | 1 |
| Précoce mindestens 4 Plagen | 1 |
| Précoce obligatoresch maachen | 1 |
| Behënnert Kand keng Hëllef | 1 |
| Éischter wéi geplangt erëm eng Volltâche schaffen | 1 |
| Bilan dienen anere Cyclen upassen | 1 |
| Ersetzen vereinfachen (Pabeierkrich) | 1 |
| Ancienneté nationale | 1 |
| 2 Enseignanten an all Klass vum Cycle 1 | 1 |
| Schouldirekter | 1 |
| Elteregespréicher gudd, mee net esouvill | 1 |
| Keng Iwwerstonnen am Précoce, méi Enseignement direkt | 1 |

# Gutt an net gutt um neie Schoulgesetz:

- Ech schaffen an engem Précoce a fannen, dass sou vill op een duer kënnt, dass een nët méi roueg a seng Klass goe kann. Et fillt een sech ënner Drock gesat fir sou vill wéi méiglech mat de Kanner ze maachen (obwuel ët net op d'Quantitéit mee op d'Qualitéit ukënnt). Et krett ee bal keng Zäit méi, fir richteg op d'Kanner anzegoen. Ech fannen et och e bëssen iwwerspëtzt, dass een d'Eltern am Précoce all Trimester fir engt Elteregespréich roufe muss, vu que dass d'Eltern hiert Kand jo selwer an de Précoce bréngen an den Austausch vun doher souwisou stattfënnt. Wann engt Kand Problemer huet, ruffe mir d'Elteren souwisou fir engt Gespréich. Dofir denken ech, dass et och duergéing wann am Précoce engt Elterngespréich am 1.Trimester an engt am 3. Trimester stattfanne géif.
- Nëmmen 2 Bilanën am Joer. Manner Kontroll, manner Paperassen.
- Also ech wier frou wann iwwerall am Land déi selwecht Formuläre wären fir d' Concertatioun an den Appui. Ech hunn d'Gefill, dass jiddereen et anescht mecht a kee sou richteg weess wéi. Eis Inspektesch léisst eis a Rou mä ech weess och, dass et Kollege ginn ,déi et net esou gutt hunn.
- Ech fannen et net gutt, de Leit ëmmer alles a Stonnenzuelen virzeschreiwen, schliisslech ass et net d'Quantitéit mee d'Qualitéit déi et ausmécht. Déi meeschte Leit si nëmmen drop fixéiert hier Extrastonnen iergendwéi beieneen ze kréien, an dat ass net ëmmer am Intérêt vun de Kanner, mee déi si jo souwisou an dem Ganze vergiess ginn.
- Soss sinn ech total motivéiert a begeeschtert, well d'Reform war och de Moment fir sech a säi Schoulhalen ze iwwerdenken an sech ze trauen mol aner Weeër ze goen.
- Den Appui fannen ech eigentlech eng gutt Saach. Och d'Concertatiounen si positiv a gerechtfäerdegt. Awer déi Bilanen a Bilansgespréicher: ech weess net wat dat bréngе soll, et ass e risegen Zäitopwand fir net vill dervun ze hunn. Mir hu jo och schonn déi Joere virdrun d'Eltere geruff, wann et noutwenneg war a wann et Saachen iwwert hiert Kand ze schwätze goufen a bei deenen wou alles klappt, leeft et souwisou, mat oder ouni Bilan, an d'Eltere gesinn dat genau sou. Wann d'Bilanen net ganz ofgeschaf kënne ginn, da géif ech hoffen datt een se wéinstens reduzéiere kann z.Bsp op 3 Bilane während denen 2 Joer, dat heescht 1 ganz am Ufank vum Cycle 1.1, 1 zum Schluss vum Cycle1.1 oder am Ufank vum Cycle 1.2. Dat géng awer wierklech deck duer.
- Manner Paperassen (relevé des heures prestées, relevé des absences, relevé des excursions, Bilanen, Rapporten...) ech rechne munches net un, well ech dann all kéiers ee Rapport vun 30' Minutte misst verfaasse fir 30 Minutten unerkannt ze kréien.
- Mir spieren näischt vun der Existenz vun enger "Équipe multiprofessionnelle". Wéini fänkt dat un?????????
- Ech fannen et ganz schlëmm, datt mer bei alles, wat mer maache mussen, opschreiwe, wei laang, wat a firwat mer dat gemaach hunn. Ech komme mer mëttlerweil fir wéi wann ee mer net ging trauen an deem wat ech maachen. En plus si mer geschwënn sou wäit, datt mer Kaarten aféieren a pointéieren, fir all Sekonn ze dokumentéieren an där mer eppes gemaach hunn. Et ginn och Leit di dat do alles scho virdru gemaach hunn ouni Stonnen ze dokumentéieren an di fräiwëlleg vill Zäit an hire Beruff investéiert hunn, mee di duerch di nei Contrainte vum Ministère net méi bereet sinn eppes méi ze man, well et net unerkannt gëtt.( Kolonie gëllen net als Appui).
- Dee Virschlag concernéiert mech net direkt, wëll ech hu mech net ze bekloen. Mee wann ech déi administrativ Aarbecht gesinn, déi meng Kollegen (President, Comitésmember, usw.) hunn an déi vill Versammlungen, froen ech mech, wéi déi nach "gutt" Schoul kënnen halen, an ob déi iwwerhaapt nach ee Familljeliewen hunn! Wär et net sënnvoll, ee Schouldirekter ze hunn, dee soss näischt mécht, wéi déi administrativ Aarbecht; dee keng Schoul muss halen a sech ëm déi Onmass vu Paperassë këmmert?
- D'Inspektere sinn esou iwwerfuerdert mat deem neie Schoulgesetz a mat all deene Statistiken, Paperassen etc..., dass si net méi vill Zäit hunn fir op den Terrain ze goen...
- Mir hu vill méi Aarbecht ausserhalb vun der Schoul. Dat geet op Käschte vun der Famill.
- Appui a Concertatioun net nohuele wann ee krank ass.
- Ze groussen Zäitopwand, déiselwecht Tâche wéi déi aner Cyclen.

- Schoul vun 8 - 13h fir d'Kanner, fir eis bis 15 resp. 16.Auer, wou mir alles kenne beschwätzen an dann heem goen.
- Aner Schoulzäiten!!!! Sinn iwwerfuerdert mat Beruff a Familljeliewen.
- Schrecklech, dass Kanner vum Cycle 1 ausserhalb vun der Schoulzäit musse komme fir déi 30 min Appui ze halen: nei Schoulzäite wieren net schlecht.
- Appui am fräien Nomëtteg ass schlecht.
- Schoulreform bréngt näischt ausser e puer Stonnen Appui, déi Gutt bleiwe gutt, an déi Schlecht bleiwen awer op der Streck.
- Et muss méi selbstverständlech sinn, datt een eng Hëllef an d'Klass kritt, wann een e Problemkand huet.
- Ech fille mech net méi wuel an der Spillschoul, vu lauter organiséieren, concertéieren... hunn ech ëmmer manner Zäit fir d'Kanner!! Ech ginn zwar eens um PC, brauch awer vill méi Zeit wéi meng jonk Kolleginnen, dat mécht mech nervös!!
- Mir sinn elo eng Grondschoul. De Cycle 1 ass scho laang keng Spillschoul méi wéi an der Zäit. Mir hu keng fäerdeg Bicher a Schoulhefter, kee fäerdege Programm. Mir mussen eis alles selwer sichen an zesummebauen. Firwat musse mir dann 2 Stonne méi schaffe, wéi eis Kollegen aus den anere Cyclen? Firwat musse Kanner aus dem Cycle 1 eng hallef Stonn ausserhalb vun hire Schoulzäiten an d'Schoul kommen? A sozial schwaache Gemenge mat esou vill Auslänner missten d'Klasse vill méi kleng sinn oder et misst een zu 2 fir eng Klass sinn. Vill Kanner erreechen d'Kompetenze leider net...
- De Moment huet een d'Gefill fir nëmmen nach fir d'Schoul ze liewen, well een nëmmen nach an der Schoul ass an doheem d'Aarbecht all leie bleiwt. Wann dat Ganzt net esou streng wier!!!
- Den administrativen Opwand kleng halen. Mir wëlle keng Rapport'en oder Virbereedunge schreiwen (weder fir den Inspekter nach fir soss een)- schliisslech si mir net méi am Stage) (Jidderee vun äis huet säin eege System fir sech virzebereeden asw a soll dat och weiderhin sou maachen däerfen).
- Et ginn nach vill Froen zum CIS an "ancien service de guidance" ze klären, mir fäerten, datt do mat Personal gespuert gëtt an nëmmen nach déi „richteg schwiereg" Fäll gehollef kréien. All déi aner, mat méi klenge Problemer (Logo, Psychomotorik, ADS feststellen asw.) an déi méi „liicht" (am Ufanksstadium), gi lenks leie gelooss bis datt et da „richteg schwiereg"Fäll si fir de CIS.
- Ongerecht: Tâche C1 ass nach ëmmer anescht wéi Tâche C2, C3, C4.
- D'Anciennetéit misst am ganze Land iwwerall unerkannt ginn.
- Den Horaire vun de Kanner un d'Kannerzäit upassen.
- Ech selwer kommen op eng 60 Stonne Woch; erweche nueds a schreiwe mir Notize fir d'Schoul (dat ass net méi normal). Ech hunn 2 behënnert Kanner an der Klass (do kënnt zwar Stonneweis nach ee vum SREA), mee Preparatioune maachen ech selwer Owenter laang. D'Ministesch vergësst och, datt kee sech em den Akaf vu Material, an der Rei hale vum Sall, Spillsaache këmmeren, Surveillance a ville Gebaier (och bei eis) bis 1,5 Stonne pro Woch, virun an no der Schoul sinn. A wou bleift enger Joffer hir vum Gesetz virgeschriwwe Paus? Ech jiddefalls kommen zwëschen 20 vir 8, wou ech op der Surveillance stinn an 12.05 Auer, wou ech eraus ginn, nach net emol op d'Toilett. Vill Kollegen, an ech och, denken dru sech e Psychiater ze sichen. Bravo Mme Minister.
- Ech hunn dëst Joer fir d'éischt säit 25 Joer meng Chrëschtfeier ausfale gelooss, esou gestresst war ech mat allem.
- D'Inspektere missten d'Schoulgesetz all d'selwecht ausleeën.
- Nei Strukture schafe fir vum Frontalunterrecht am Cycle 1 kënnen eweg ze kommen. Kanner an deem Alter kënnen nach net autonom genuch a Gruppe schaffen, duerfir missten an all Préscolaires Klass d'office 2 Enseignante schaffen.
- All Relevéen a Rapporten ofschafen: et gëtt eis jo och vertraut, dass mer di aner 25 Stonne schaffe kommen! Ausserdiem wie liest dat?
- Méi Experten an d'Gebaier: fir richteg differenzéiert schaffen ze kënne misste méi Logopäden, Psychologen, Psychiater, Ergotherapeuten etc. zur Verfügung stoen, ouni laange Paperassekrom einfach do sinn.

- Dës Ëmfro ass eng ganz flott Initiativ. Mir Spillschoulsjoffere mussen zesummenhalen an eis wieren! Mir kréien eng Iwwerstonn bezuelt am Cycle 1. An déi aner Cyclen? Dat ass eng mega Ongerechtegkeet! Ech schaffen am Duerchschnëtt 36 Stonnen an der Schoul pro Woch, ouni d'Akafegoen an déi Rennerei ronderëm. An de "Bilanszäiten" hëllt dat Ausmoossen un, déi net méi ze packe sinn. Eng 49 Stonnenwoch war mäi Maximum!!! D'Bilanen hunn ech de Weekend doheem gemaach. Mir gi wierklech fir domm gehal.
- Merci, dass dëse Questionnaire ausgeschafft ginn ass!!!

# Sites éducatifs:

www.pomverte.com
www.laclasse.fr
http://recitpresco.qc.ca
www.educol.net
www.schulbilder.org
http://latetedanslesmots.free.fr
http://ecoledesjuliettes.free.fr
www.bastelideen.info/html/kind-frue.html
www.jeuxpourdessiner.fr
www.gommeetgribouillages.fr
http://maternellecolor.free.fr
www.kidadoweb.com
www.blinde-kuh.de
www.hamsterkiste.de
www.chindergarte.ch
www.milkmoon.de
www.was-kinder-wissen-wollen.de
www.meinfreundknopf.de
www.jolinchen.de
http://vs-material.wegerer.at
www.kindernetz.de
www.jetztmalen.de
https://gs-katzenelnbogen.bildung-rp.de
kinderseiten.htm
http://pedagosite.net
http://jt44.free.fr
http://materalbum.free.fr
www.prepaclasse.net
http://themamaternelle.free.fr
http://eleduc1.free.fr
http://grifil.com
http://lamaternelle2charlotte.fr
www.caramax.com
www.teteamodeler.com
www.momes.net
www.tomlitoo.com
http://comptine.free.fr
http://les.arbres.free.fr
www.happynote.com
www.fit-kid-aktion.de
www.cslaval.qc.ca
http://lesjeuxd'eugenies.free.fr
www.planete-enseignant.com
http://webinstit.net
www.kindersuppe.de

"Es ist die wichtigste Kunst des Lehrers, die Freude am Schaffen und am Erkennen zu erwecken." [Albert Einstein]

"Leute, die immer belehren wollen, verhindern oft das Lernen." [Charles de Montesquieu]

"Man kann einen Menschen nichts lehren, man kann ihm nur helfen, es in sich selbst zu entdecken."
[Galileo Galilei]

la librairie
de l'éducation

diderich
librairie - papeterie
2, rue Victor Hugo L-4140 Esch-Alzette
T. 55 40 83-21 info@diderich.lu
www.diderich.lu

# Appui: Problemer, Iddiën, Froen a Virschléi

## Verschidden Iwwerleeungen zum Appui:

- Et ass näischt gekläert: kee Budget, keen Transport; d'Eltere mussen all Kéier ugeschriwwe ginn (Bréif schreiwen abegraff, mee net als Appuiszäit ugerechent) an d'Kanner umellen; kee weess, wéi et matt den Assurancen ass...; well mär eigentlech eenheetlech dat häte misse maachen an dat ass bei 18 Leit onméiglech.
- Well mär an eisem Team den Appui ausserhalb de Schoulzäite man an do z.B. d'Kantinskanner net komme konnten obwuel d'Elteren se ageschriwwen haten.
- Negativ beim Appui: d'Précoce-Kanner kënnen a wëllen net méi no der Schoul do bleiwen!
- Ech soen iech just dass den Appui u sech eng gutt Iddi ass, dass awer dat ganzt anert esou belaaschtent ass, dass den Appui och kee Spaass méi mécht....
- Ech fannen et allerhand wann en den Appui, den en net hält wann e krank ass, misst nohuelen !!
- Appui soll am C1 eng "Assistance en classe" ginn.
- Objektiv: Tâche 1. Zyklus maximal 26 Stonnen (de Méioppwand fir déi 30 Minutten Appui steet a kengem Rapport zum Notze fir d'Kand).
- Appui ausserhalb vun de Schoulstonnen ass net sënnvoll.
- Bei eis muss de ganzen Appui ausserhalb vun der Schoulzäit gehale ginn. D'Eltere vergiesse ganz oft hir Kanner sichen ze kommen oder ze bréngen.
- Schued, dass di kleng Kanner och nach ausserhalb der Schoulzäit musse komme fir datt mir di restlech 30 Minutten Appui d'Woch ra kréien. Si si sou schons midd genuch!!!
- Am Zykel 1 ass et net sënnvoll.
- D'Inhalter vum Appui a mat weem die soll gehal gin solle mer selwer bestëmme kënnen an zwar ganz flexibel. Mir schaffen um Terrain an hunn d'Ausbildung dofir.
- Am Cycle 1 gett de ganzen Dag Appui gemaach, well mir opschaffe wat doheem net méi gemaach gëtt.
- Net vergiessen, dass d'Kanner vill Spill brauchen.
- Mir emfannen Appui am Précoce net als sënnvoll!! Doduerch, datt mir an der Klass zu 2 schaffen, kënne mir souwisou individuell, am klengen, wéi am grousse Grupp zu all Zäit op d'Besoin'e vun de Kanner agoen. Ausserdeem sinn d'Précoce-Kanner no der Schoul meeschtens ze midd fir sech nach ze konzentréieren oder si kräische, well si heem wëllen.
- Den Appui an der Schoulzäit am Cycle1.1/1.2. ze halen hunn ech allerdéngs als Beräicherung emfonnt.
- Firwat Appui am Précoce? D'Eltere verstinn dat net.
- Ech fannen et net an der Rei dass ee säin Appui muss nohuele wann e krank ass. Eng Mamm sot mer, si giff hiert Kand net an de Précoce schécken, well soss misst et an den Appui goe well et nach ganz schlecht schwätzt. D'Eltere sinn der Meenung, datt d'Sproochentwécklung vum selwe kënnt. Well oft ginn d'Kanner, déi am Appui sinn als zeréckbliwwen aklasséiert.
- Am Précoce gesinn ech souwéisou net grad de Sënn vun engem Appui, no der Schoulzäit sinn se ze midd a während der Schoulzäit gëtt schonns op all Kand agaangen, mir schaffe jo bal nëmmen a klénge Gruppen (Atelieren, ...)
- Ech sinn der Meenung, datt et net vill Sënn ergëtt "Appui" am Cycle 1 unzebidden. Ech fannen et och net gutt, datt mer d'Kanner aus dem Cycle 1 nach no der Schoulzäit oder op deene fräien Nomëtteger ulackelen. Am Primaire ass et wéinstens esou, datt den Appui während deenen "normalen" Schoulzäiten ugebuede gëtt. Am Cycle 1 ass dat jo net méiglech, et feelt ëmmer eng ½ Stonn déi egal wéi ausserhalb vun de Kanner hiren 26 Schoulstonnen ugebuede ginn. Ganz oft ginn déi jo kumuléiert an da während engem fräie Mëtteg nogeholl.
- Ech als Mamm géng zum Beispill net onbedingt mäi Kand gären an dësen "appui" schécken, well ech fannen d'Kanner sollen och Fräizäit hunn an ausserhalb vun der Schoul nach Hobbyen nogoen, Sport maachen, .... aner Kanner kenneléieren, ....

- Zum Appui: Am 1. Trimester huet jiddwereen den Appui just fir d'Kanner aus senger Klass gehalen, dat huet eis am effektivste geschéngt. D'Kanner sollten sech mol awinnen an net dauernd d'Joffer wiesselen. Jiddwereen huet säin Appui och sou ofgehal, wéi hien et fir gutt fond huet. Ech hunn 2x an der Woch vun 11.45 – 12.05 Appui gehal, 1x fir d'Sprooch fir déi auslännesch Kanner an 1x eng Widderhuelung vun eppes wat ech an der Woch gemat hunn a wou verschidde Kanner nach Problemer haten. Déi aner Stonn hunn ech regruppéiert op all 2. Woch Dënsdes bzw. Samsdes mëttes, wou ech dann eng gréisser Aktivitéit mat engem Grupp vun 4-5 Kanner gemat hunn. Eigentlech hunn ech des Form ganz flott fond. Mee dunn hu mir missen emdisponéieren op Wonsch vun der Inspektesch. Mir hunn an der Equipe pédagogique dunn dëse Projet ausgeschafft, op Wonsch vun der Inspektesch, déi wollt, datt mir och d'Kanner aus dienen anere Klasse géife gesinn. Jo, mir hunn nees alles missen ëmorganiséieren an nei mat den Elteren ofschwätzen.

## Wat mengt Dir sollt als Appui gëllen?

- Sollt wäit gefächert sinn: all Schoulfeieren. Zimlech alles wat extrasscolaire ass, och Ausflich, Mëttesstonn wou een Aktivitéite mat de Kanner meet. Sortien, Ausflich, Theateropféierunge vun de Kanner.
- Alles, wou ee sech ausser deenen normalen Arbechtsstonnen em d'Kanner këmmert, och d'Colonie de vacances.
- Schaffe mat Kanner an dene verschiddene Beräicher vun de Soclen an dat regelmässeg all Dag.
- Also mir halen d' Kanner aus der Spillschoul all am Appui a nennen et Plus-Stonn. Mir hëllefe Kanner déi Problemer hunn a mir förderen och Kanner déi besonnech Talenter hunn. Mir mengen et soll ee sech net nëmmen op déi schwaach Kanner konzentréieren. Hunn och elo scho gemierkt, dass, wann een zevill mat hinnen un eppes schafft, si einfach onsécher ginn. Et si kleng Kanner.
- Et soll ee näischt bei den Hoer erbäizéien, Appui am C1 ass absolut iwwerflësseg. Dat eenzegt Sënnvollt ass, wann ee matt dene Kanner vläicht Saache fäerdeg mécht oder widderhëlt, déi an der Klass net sou gutt a séier matkommen. Et bréngt näischt, nach Saachen unzebidden, déi eigentlech kee Kand brauch, wat awer leider muss gemat gi, vu que, dass mir eisen Appui mussen definéieren. D'Kanner hunn eng roueg Mëttesstonn verdéngt an och schoulfräi Donneschdeg- an Dënsdegnomëtteger. Mee vill Leit hunn am C1 einfach de Problem, wéini si hiren Appui sollen halen, do bleiwt oft nach just d'Mëttesstonn oder no 16 Auer, wat een awer absolut net ka vertrieden. De Primaire brauch sech déi Froen net ze stellen!
- Do soll jidderee maache kënne wéi en denkt an am beschten an de Kanner hirer Schoulzäit!
- Wann ee gezielt mat engem Kand u senge Schwächten oder Problemer schafft (och mat abegraff Turnen wann néideg)! Wann d'Kanner eppes "zousätzlech" kréien (z.B an der Mëttegstonn zesumme mat hinne kachen an iessen).
- Alles, wat eng schoulesch Förderung ass : all schoulesch Aktivitéiten & pädagogesch Sortien (och d'Ëmfeld am Duerf kenneléieren...) & Ausstellungen & Lies- an Bilbiothéiksstonnen; d'Mëttesstonnen an d'Iwwerstonne bäi Sortien/Schoulausflich; Virféierunge fir d'Elteren (Gesank, Theater, Danz...); Visiten (Muséeën, Beruffer, Technik, Natur an Experimenter) & Psychomotorik, Konscht; Musek an natierlech all déi Zäit fir dat virzebereeden (Mailen/ Telefon/ Bréiwer...)
- Emmer wann e mat engem Grupp Kanner schafft, déi een an engem bestëmmte Beräich fördert, awer och wann een z.B. mat der ganzer Klass ennerwee ass op engem Ausfluch oder enger Sortie, wou nach Fräizäit drun hänkt , awer och Aktivitéite wéi LASEP oder ART à L' ECOLE.
- Spazéiergäng an der Natur, well och Kanner do sinn, déi grobmotoresch Schwieregkeeten hunn, eng Sortie an d'Philharmonie oder e Musée oder en Theaterspill, all Méigleches wat engem Kand hëlleft, säin Horizont, säi kulturellen Intérêt ze erweideren, d'Mauere vun der Schoul sprengen an eraus an d'Welt goen. Appui ass dach net nëmmen dat, wat ee schonn am normale Schoulalldag mëcht. Wann een an d'Kolonie mat de Kanner geet, misst dat als Appui matzielen.
- Am Cycle 1.0 virun allem Lëtzebuergesch a mat eenzelne Kanner ausserhalb vun der Schoulzäit spillen.
- E Projet deen ausserhalb vun der Schoulzäit ass, all pädagogesch Ënnerstëtzung fir d'Kanner, eng Kolonie, Sportaktivitéiten ausserhalb vun der Schoulzäit, all Aktivitéit mat de Kanner ausserhalb vun der Schoulzäit

- All Form vun Nohëllef, all Aktivitéit ausserhalb vun der normaler Schoulzäit, lëtzebuergesch Sproochspiller, Fichen nach eng Kéier erklären...
- Alles wat e mécht mat de Kanner! Am Précoce ass et schrecklech, dass d'Kanner no der Schoulzäit nach sollen dobleiwen, fir dass mir eis Appuisstonnen erakréien.
- Am Fräispill eppes widderhuelen.
- Kolonie, Airtramp, Theater, Visiten, Sprooch , Mathé, Psychomotorik...
- Alles wat mir als qualifizéiert Léierpersonal fir wichteg fannen (fir sou op déi eenzel Kompetenzen oder Schwieregkeeten oder Talenter asw. vun den eenzelne Kanner anzegoen).
- Et soll een och „Assistance en classe" amplaz maache kënnen, dëst kann och eng individuell Ënnerstëtzung sinn.
- Alles am klenge Grupp, awer och kulturell a sportlech Aktivitéiten.
- Alles fir dem Kand seng Entwécklung, och d'Kolonien.
- 1 Stonn wär genuch a wann z.B. eng Klass e „Spektakel" mécht, misst dat och zielen, well dat och d'Kanner weiderbréngt.
- Förderung am wäiteste Sënn, Sorties pédagogiques, Projets extra-scolaires.
- All Projet z.b. "Faustlos", Flütte spillen...
- Alles am Intérêt vun de Kanner, alles dat ass eng Plus-value: Ausstellungen, Fester, Sortien, Mëttesstonn, Liesnuecht, Kolonie, Ausfluch, Picknicks-Dag, Aarbecht fäerdeg maachen, extra Offren...
- Alles wat de Kanner eppes bréngt: Léieren, Spaass mat dem Léierpersonal, Vertrauen opbauen!!! Hëllef bei Problemer, aussergewéinlech Saachen, déi Sortien a Colonie bréngen.

## D'Meenung vun der AIP zum Appui:

- *Der AIP ass opgefall, dat déi meescht Problemer beim Appui entstinn, well d'Tâche vum Enseignant, mat der virgeschriwwener Zäit vum Appui net kann an déi regulär Schoulzäit vun de Kanner aus dem Cycle 1 falen.*
- *Duerfir fuerdert d'AIP d'Gläichstellung vun eiser Tâche mat där vun deenen anere Cyclen, esou wier de Mësstand, datt eis Kanner virun oder no der regulärer Schoulzäit musse kommen, behuewen. Vill Problemer mam Transport, mat der Maison Relais, mam Foyer, mat der Assurance géif et dann net méi ginn.*
- *Den Enseignant muss kënne selwer décidéiere wat fir eng Kanner Appui kréien a woura si e brauchen. Et soll kënne flexibel an effektiv geschafft ginn. D'ganz Equipe pédagogique soll hiren Appui selwer kënnen organiséieren. Dat Ganzt ouni Virschrëften, ob dat an der eegener Klass oder mat Kanner aus anere Klasse soll sinn. Den Enseignant kennt seng Kanner jo am beschten a weess, wat am effektiivsten ass. Regulären Unterrecht oder "Appui en classe" muss iwwerall kënnen als Appui unerkannt sinn.*

| Wat mengt Dir sollt als Appui zielen? | |
|---|---|
| All Aarbecht mat Kanner ausser den normalen Aarbechtsstonnen oder als Surplus: Schoulsportdag, Assistance en classe... | 71 |
| Sortiën, Kulturell, Musek, Theater, Musee... | 28 |
| Colonie | 15 |
| Ausfluch | 14 |
| Mëttesstonn, Spillnomëtteger, Bastelen... | 10 |
| Projets, Theateropféierung, Fester (Schoulfest, Ausstellung)... | 10 |
| Sportaktivitéiten, Schwammnomëtteger, Psychomotorik, Airtramp... | 9 |
| Aarbechte fäerdeg maachen | 6 |
| Liesnuecht | 5 |
| Saache widderhuelen | 5 |
| Appui während dem Fräispill | 4 |
| Eng gudd Saach | 3 |
| Fichen, Pré-écriture fäerdeg maachen | 3 |
| Bësch, Picknick... | 2 |
| Mir maachen de ganzen Zäit Appui | 2 |
| Soll wäit gefächert sinn | 2 |
| Nëmmen 1 Stonn Appui | 1 |
| Vertraue kréien an d'Schoul | 1 |
| Och Saache fir d'ganz Klass | 1 |
| Am Précoce och als Zousatzpersoun bei Sortiën | 1 |
| Sozial Verhalen | 1 |

Dest sinn d'Aussoen vun eisen Aentwerten prozentuall gekuckt.



# Willkommen im Tourist Center „Robbesscheier"

Tourist Center
...living nature

Wenn Sie noch vor dem 20. März mit dem Vermerk AIP reservieren, schenken wir Ihnen einen Gutschein in Höhe von 25,00€

## Ateliers:

- Back- und Kochstudio
- Kutschfahrt
- Bienenschule
- Kreatives Keramikatelier
- Esel- und Ponyreiten
- Drescharbeiten
- Europaspiel
- Garten
- Wachs- und Kerzenatelier
- Sägewerk
- Fütterung der Tiere
- Museums- und Mühlenbesichtigung

Ob Frühling, Sommer, Herbst oder Winter - immer wieder gibt es überzeugende Gründe in das Tourist Center "Robbesscheier" im Herzen des Öslings zu kommen! Besonders für Schulguppen bieten wir den idealen Rahmen, denn hier werden Vergnügen, Pädagogik und Natur vereint.

Egal ob Sie 1,2 oder gar 5 Tage bleiben, mit unseren abwechslungsreichen Animationsprogrammen können Sie sich Ihre persönliche Klassenfahrt nach Ihren Wünschen zusammensetzen. Für mehrtägige Aufenthalte bieten wir Gruppenwohnungen wahlweise mit Frühstück, Mittagslunch und Abendessen. Je nach Wunsch übernehmen wir auch die Organisation des Abendprogramms (Kino, Nacht- Rallye, Lagerfeuer, Kinder-Disco...).

## Kontakt:

Tourist Center „Robbesscheier"
1, Frummeschgaass
L-9766 Munshausen
Tel.: +352 92 17 45-1
info@touristcenter.lu

Weitere Infos zum Erlebnisprogramm finden Sie auf unseren Internetseite

www.touristcenter.lu

# Concertatioun: Problemer, Iddiën, Froen a Virschléi

## Wat mengt Dir sollt als Concertatioun gëllen?

- Organiséiere vun engem Bazar, Projet, - Gespréich iwwert Kanner, Programmer, - Ideeënaustausch, och d'Ausfëlle vun de Bilan'en – soll wäit gefächert sinn an net festgeluegt ginn.
- Dat, wat een all Woch muss zu puer mat engem Team oder enger Équipe beschwätzen, mee konkret Problemer ënnert eneen, mat de Kanner an awer och Ideeën zur Virbereedung. Als onsënneg gesinn ech et, mat Leit mussen un engem Dësch ze sëtze matt denen een iwwerhaapt net zesumme schafft, déi just eben an der Equipe sinn, well se um Pabeier derzou gehéiren. Do huet keen eppes vun dem aneren.
- Alles. Discussiounen iwwert Kanner, Préparatioune vun den Aktivitéiten, Organisatioun vun dem Cycle. All dat as jo am Intérêt vun de Kanner.
- All Versammlung als Team, Cycle, Équipe, Schoul etc déi dem Fonctionnement vun der Schoul zegutt kënnt!
- Jiddwer Réunioun ab 2 Leit, sief dat fir ze schwätzen iwwer Kanner, een Thema virzebereeden, ee Sall ze aménagéieren asw.
- 2 oder 4 pro Trimester an der ganzer Équipe (mat Rapport) an all déi aner Concertatiounen sou wéi se falen an néideg sinn an net sou gekünstelt all Woch 1h45 ouni Kapp an ouni Schwanz.
- Versammlungen + Formatioune fir d'Équipe, eng Sortie/Trimester, 3 Stonne fir mat den Aarbechtskollegen zesummen eppes ze ënnerhuele fir sech besser an anescht wéi beim Diskutéiere kennenzeléieren; déi vill Mailen... bei d'Kollegen, op d'Gemeng an de "bureau régional".
- Reunion de service/Comité/Concertatiounen am Team, am Cycle/Préparatiounen am Team
- All Versammlungen un deene mir deelhuelen (Team, Équipe, Austausch mat anere Cyclen, Réunions de Service mat der Inspektesch oder der Gemeng , Plénière ...)
- Sech ze concertéiere fannen ech an dem Sënn gutt, fir seng Meenungen, Problemer mat aneren auszetauschen oder gemeinsam Projeten op d'Been ze stellen, zum Beispill eng Ausstellung organiséiren, ee Bazar,... Ech fannen zwar awer och, datt d'Gespréicher + gemeinsam Virbereedung (Opstelle vun den Aktivitéiten déi mer zu engem Thema maachen) vun deem Léierpersonal, wat zesummen an enger Klass schafft och als Concertatioun soll gëllen. Mir mussen ons jo dozou concertéieren, soss fonctionnéiert et jo net, et ka net jiddereen dat maache, wat e well an der Klass, dat muss ofgeschwat an openeen agestëmmt ginn.
- Och Gespréicher an der Dier virun an no der Schoul mat Kollegen.
- All méiglech Gespréicher iwwer Kanner oder Gespréicher, déi gefouert ginn fir d'Schoul ze veränneren, ze verschéineren an domat mengen ech Gespréicher, déi een och ëm 16 Auer féiert, ouni datt et "Concertatiounszäit" ass, dat huet ee virdrun dach gemaach, déi wore ganz spontan, elo ass: "ordre du jour" – "mir mussen elo e Sujet fannen", wa mir eis net sou gutt verstoe géifen, géing dat Ganzt ganz steif oflafen.
- Jo, e Schouldirektor an all Schoul ze setzen, deen natierlech keen Enseignant ass, deen och nach "niewelaanscht" Schoul hält. Well déi ganz administrativ Aarbecht plus d'Versammlunge fir déi administrativ Tâche z'erleedegen hënnert eis an eiser "richteger" Aarbecht, nämlech sou gutt an sou organiséiert wéi méiglech Schoul ze halen. Ech huelen an enger 1 jäereger Formatioun deel iwwer Reggio Pädagogik, eng Pädagogik déi vum SCRIPT offréiert gëtt also och vum Ministère genehmegt, also wéisou e Schoulsystem op d'Been ze setze wou den Enseignant (dee President a Member vun engem Comité oder Coordinateur ass) nach niewelaanscht esou vill muss maachen, anstatt esou kreativ wéi méiglech en Dagesoflaf, e Wochenoflaf op Bee stelle ka fir datt d'Kanner sou gär a frou an d'Schoul kënne kommen? De System ass net schlecht mä paradox, anstatt méi fir d'Kanner ze maache kommen déi ze kuerz! Well, natierlech sinn ech fir d'Integratioun vu Kanner mä dofir hätt ech och gären Zäit fir esou vill wéi méiglech mat den Intervenant'e kënnen ausserhalb vun der Schoul schwätzen, fir kënne mat den Elteren a verschidde vun hire Rendezvous'en ze goen (Psychomotricienne oder CHL Dokteren oder CIS oder ... , dat si Versammlungen déi menger Meenung no zu menger Tâche zielen, net Sekretärin oder wat och ëmmer

"spillen", Telefonitis féiere fir déi Tâche z'exekutéieren oder wéi laang virum Computer ze setzen a net fir meng Schoulaktivitéit mä fir meng Comité'stâche. Sekretärin wor ech éiert ech Schouljoffer gi sinn, a wa mir dat sou gefall hätt, wann DAT meng Berufung gewierscht wier, hätt ech bestëmmt net gewiesselt. Mä ech hunn awer gewiesselt an ech fannen datt Enseignant ze sinn, fir mech dee schéinste Beruff ass. Dofir! E Schouldirektor an all Schoul, dat wier eng Léisung!

- Alles wat mir ze beschwëtzen hunn (Organisatoresches, Inhalter, Appui, Aarbecht a Gruppen, Sortien, Bilanen, Problemer-Kanner-Elteren, Schoulgesetz, Kompetenzsockelen, Material, ausserschoulesch Aktivitéite mat Elterevereenegung, Projet, Schoulfest asw.
- Preparéiere vum Appui, Versammlung am klenge Grupp oder zwëschen de Cyclen 1-4.
- Positiv/Negativ: Concertatiounen; Mir hunn eis virun der neier Schoulreform als Précoceteam, Cycle an als Schoul och schonns BEI BESOIN concertéiert... am allgemengen hunn ech dat vill méi fruchtbar fonnt! An deene villen "obligatoreschen" Concertatioune ginn zwar och vill Themen ugeschwat, mee net esou richteg ëmgesat, well et der einfach zevill sinn.
- All Versammlung, och mat Inspekter a Gemeng, och mam Instituteur ressource oder dem Personal vun der Maison Relais.
- Do gëtt vill geschwat, well geschwat muss ginn. 1 Stonn giff och do duergoen, wa mir méi brauchen, maache mir souwisou méi (schonn ëmmer).
- D'Concertatioune si gutt: déi bréngen eis elo an den Équipë ganz vill.
- All Versammlung, kompetenzorientéiert Évaluéieren, och d'Réunions de service.

## Hat Dir organisatoresch Problemer bei der Concertatioun?

- Jo, am Ufank schonns, well mer ons zu 30 net eenz gi sinn, zu 9 ass dat awer kee Problem méi well mer elo ee fixen Dag an eng fix Auerzäit hunn.
- Jo der hate mer, well d'Enseignantë mat enger halwer Tâche extra mussen zeréckkommen oder anerer dien Dag fräi hunn. Et ass net einfach fir am Team 33 RDV'en ënner ze kréien.

## Bei der Concertatioun ass der AIP opgefall:

- *Datt et éischter Problemer goufe beim Organiséieren, wat de Grupp méi grouss war. Et ass net einfach fir sech zu 30 Leit ze organiséiren, fir dat ze géréieren an ob dat efficace ka sinn? Aner Schoulen hunn de Cycle a verschidden Teamen opgedeelt, wou si sech dann och an den Teamen concertéieren a nëmme wann et muss sinn mat der ganzer Équipe.*
- *D'AIP fuerdert, datt déi Organisatioun de Leit aus dem Cycle soll iwwerlooss bleiwen. Dëst kann an all Cycle, Équipe, Team oder Schoul verschidde sinn. Hei soll et keng Virschrëfte ginn an d'Inspektere sollen hiren Enseignantë vertrauen a si sech wann si et fir néideg fannen organiséiere loossen.*

**www.aip.lu**

**Hutt dir flott Ideeën oder Fichen zu de Compétencen oder Neies fir beim Portfolio anzesetzen, da loosst eis dat zoukommen. Mir veröffentlechen dat op eiser Homepage mat oder ouni Numm.**

| Wat mengt Dir sollt als Concertatioun zielen? | |
|---|---|
| Hu missen e Rapport maachen | 66 |
| Alles wat d'Schoul betrëfft/Organisatioun/Virbereedung | 64 |
| Konnte selwer décidéieren wéi a wéini si hir Concertatioun organiséieren | 60 |
| Hu missen en Ordre du Jour maachen | 60 |
| All Versammlung | 33 |
| Alles wat d'Kanner betrëfft | 21 |
| Austausch mat Maison Relais, CIS oder Aneren | 12 |
| Konnte net selwer décidéieren, wéi a wéini si hir Concertatioun organiséieren | 9 |
| Hu keen Ordre du Jour misse maachen | 8 |
| Versammlungen am klenge Grupp | 8 |
| Bilan-Diskussioun | 6 |
| Zesumme préparéieren | 6 |
| All Dengschtversammlung | 4 |
| Bilan-Schreiwen am Grupp | 4 |
| Concertatioun tëscht Schoulen | 4 |
| Och mam Comité | 3 |
| Och mat de Coordinateuren | 3 |
| Hu kee Rapport misse maachen | 3 |
| Soll wäit gefächert sinn | 3 |
| Nëmmen 1 Stonn | 1 |
| Nohuelen ass absurd | 1 |
| Ass eng gudd Saach | 1 |
| Zevill organisatoresch Versammlungen | 1 |
| Selwer bestëmme kënne, mat wiem a wéini | 1 |
| All Mailen a Bréiwer am Cycle sollen zielen | 1 |
| Conferenzen, Präsentatiounen, Porte ouverte... | 1 |



# Animationsprogramm für Schulklassen

## Info : www.museebinsfeld.lu

bietet Jugendgruppen und Schulklassen einen angenehmen Aufenthalt

***All Inklusive***

## *Animation 1 oder 2 Tage*

### Animation 1 Tag - verschiedene Kombinationen möglich:

a) Entdeckungsfahrt mit Planwagen durch unberührte Natur
unter Einbeziehung vom Kinderrechtsweg mit Picnic
b) Kartoffel pflanzen im Frühjahr, oder Kartoffel ausnehmen im Herbst
Gromperekéichelcher, Museumschrauwen backen im alten Backofen,
Fahrt mit Planwagen gezogen von einem alten Traktor zum Kartoffelfeld

**Tarif:** Gruppe 12 bis 17 Teilnehmer: **400.- €** ; 17 bis 24 Teilnehmer: **550.- €**

### Animation 2 Tage

1. Tag: siehe oben
-Übernachtung mit Abendessen „***Uucht***“ und Frühstück,
2. Tag:
-Animation Kochen wie früher.
Die Kinder werden eingekleidet mit Kleidungstücken wie sie ähnlich früher getragen wurden

**Tarif:** Gruppe 12 bis 17 Teilnehmer: **1040.- €** ;
17 bis 24 Teilnehmer: **1420.- €**

**Weitere Infos mit zusätzlichem Animationsangebot und Anmeldung** :


**Interessenverein Binsfeld-Holler-Breidfeld a.s.b.l**

Musée Rural „A Schiewesch“
8, Ëlwenterstrooss
L-9946 Binsfeld
Tel. : +352 97 98 20
Fax: +352 97 98 19
E-Mail museebinsfeld@pt.lu
www.museebinsfeld.lu

## Gîte d’étape für Gruppen

Dem bekannten Landmuseum, welches durch seine umfangreiche Ausstellung bekannt ist, ist ein zweites Haus angeschlossen, welches neu eingerichtet ist. Das schmucke Bauernhaus beheimatet eine Herberge für Gruppen bis zu 30 Personen.

| Turnen, Schwammen, Sortiën an d'Natur: | % |
|---|---|
| **Turnen**: ginn oder däerfen turne goen | 95 |
| **Turnen**: ginn **net** oder kënnen **net** turne goen | 5 |
| **Infrastrukture benotze** kënnen wéi déi aner Cyclen | 85 |
| **Infrastrukture net benotzen** wéi déi aner Cyclen | 15 |
| **Schwammen:** kënnen oder däerfe schwamme goen | 53 |
| **Schwammen:** kënnen **net** oder däerfe **net** schwamme goen | 42 |
| **Sortiën an d'Natur:** ginn an däerfen Sortiën an d'Natur maachen | 83 |
| **Sortiën an d'Natur:** ginn **keng** an däerfen **keng** Sortiën an d'Natur maachen | 11 |

# D'Meenung vun der AIP dozou

## Turnen :

Laang Joere ware mir d'Stéifkand. D'Kanner vum Cycle 1 konnte guer nët turne goen, d'Stonn luch ongënschteg am Horaire oder ons Kolleginnen / Kollegen waren an engem Mini-Bewegungsraum, oft souguer am Klassesall. Haut gëllt des Situatioun nach öfters fir ons Précoce-Klassen!
Mir ware frou erauszeliesen, dass déi Situatioun sech iwwert d'Land vill verbessert huet, och wat d'Benotze vun de Sportinfrastrukturen ugeet. Elo wier et nach flott déi punktuell Schwaachplazen ze detektéieren.

## Schwammen:

Do ass d'Situatioun nach net esou gutt! Virun allem sinn d'Précoce-Kanner betraff. Mee dat gesäit sech awer och net als ganz einfach un fir mat engem zum Deel grousse Grupp 3-jährege Krapperten ënnerwee ze sinn (net nëmmen d'Zäit am Waasser, haaptsächlech virdrun an duerno)!!! D'Schwammen ass awer ëmmerhin als „Socle de compétence" virgesinn!

## Sortiën an d'Natur:

Vill ginn 1 X d'Woch mat de Kanner an d'Natur spazéieren. Wa verschidde Klassen net ginn, dann ass et meeschtens wéinst dem Transport, well d'Enseignant'en Angscht hun oder well d'Gemeng et net erlaabt.

Verschidden Leit haten net op all Froe geäntwert, dofir sënn d'Prozenter esou ennerschidlech ausgefall.

| Verschiddenes: | % |
|---|---|
| Ersatz klappt **gutt** | 17 |
| Ersatz klappt **schlecht** | 47 |
| Précoce Kanner **däerfen** an d'Maison relais goen | 33 |
| Précoce Kanner **däerfen net** an d'Maison relais goen | 55 |
| Précoce Kanner **däerfen nëmmen fir den Accueil** an d'Maison relais goen | 8 |
| Précoce Kanner **däerfen** de Schoultransport benotzen | 25 |
| Précoce Kanner **däerfen** de Schoultransport **net** benotzen | 50 |

## D'Meenung vun der AIP dozou

Verschidden Leit haten net op all Froe geäntwert, dofir sënn d'Prozenter esou ennerschidlech ausgefall.

### Ersatz:

Dat ass ee reelle Problem an all Cyclen. Et war och en Thema an der Presse an dach hu mir d'Gefill, dass d'Enseignant'en aus dem Cycle 1 an där Saach méi flexibel a méi kreativ sinn, vläicht awer och manner Contrainten hunn.

### Maison Relais:

Dat ass nach e bëssen ee Problem fir d'Kanner aus dem Précoce. Oft kënnen déi ganz Kleng just an den Accueil mee nët ëmmer an oft geet ët net well d'Gemeng NEE seet wéint dem Transport. Merci der Madame Minister, si huet op ons gelauschtert an ee Saz an déi Richtung vum Transport an d'Circulaire gesat.

### Schoultransport fir de Précoce:

Op ganz ville Plazen ginn déi Kleng net matgeholl. Dat ass ganz vill schued, well esou kënne si oft nët turne goen, erliewe keen Theaterbesuch oder eng aner kulturell Visite (z.B. Musée...). Mee och all Ausfluch gëtt esou onméiglech.


bicher HAISCHEN
Kanner- an Jugendlibrairie

Perséinlech Berodung
Kadosbongen
Clientskaart
Ganz vill nei Bicher
All Mount e speziellt Thema

Ënnert dem Motto „kleng awer reng", fannt der am Bicherhaischen Bicher fir all Alter:

- Billerbicher
- Mäerchen- a Virliesbicher
- Bicher fir mat liesen unzefänken
- Klassiker
- Lieblingsserien
- Fantasy
- Sachbicher
- Kachbicher

Niewent haaptsächlech däitsche Bicher gëtt et natierlech och franséisch, englesch a lëtzebuergesch Bicher an och Lauschterbicher.

Gidd Fan vum Bicherhaischen um **facebook** an sidd ëmmer iwwert déi neisten Bicher an Aktiounen informéiert.

**8,um Kiem L-6960 Senningen Tel. 26340208**
**info@bicherhaischen.lu www.bicherhaischen.lu**

# Bastele fir Pappen– oder Mammendag

## E Graass– oder Cressonmännchen:

eng aal Nylonströmp oder dien ieweschten Deel vun engem Collant erofschneiden, ënnen e Knued dra maachen an dat Ganzt gudd mat Holzspéin fëllen (Kanengerchesstréi aus dem Baumaart). Wann et bal voll ass, uewen drop Som vu Graass oder Cresson streeën. Dat Ganzt uewe mat engem Knued zoustrecken. Mat engem dënne Basteldroht eng Nues oder och eventuell Ouere formen an ofbannen. Duerno, sou wéi een et wëllt, dékoréieren. Op en Teller stellen a wéi e Blummestack netzen. No 1 bis 2 Wochen kritt eise Männchen Haar, déi een och esouguer ka schneiden.

**Gelbe-Linie**

- Schattenmemory
- Kreativmemo 1+2
- Logigramm
- Dominolo
- Supermemo
- Puzzelator
- Hip Hop

**Grüne-Linie**

- Magneta Letterix
- Magneta Zahlenfix
- Magneta Wetterkalender
- MagneTa Kugelbahn
- Geräuschememo 1+2
- Vielfältiges Dreieck 1+2
- Bildermemo

**Bambus-Linie**

- Raupenfütterung
- Pieksi
- Athletix

**Projekte**

- Benni Baum und seine Freunde

**„Alle wollen immer nur den Kopf in die Schule schicken, aber immer kommt das ganze Kind!!!“**

**Wir wollen Sie bei Ihrer ganzheitlichen pädagogischen Arbeit unterstützen und bieten Ihnen ausgesuchte Arbeitsmittel an, die didaktisch und methodisch wertvoll und erfolgreich erprobt sind!**

**Bereiche:**

- Sprache
- Bewegung
- Experimentieren
- Mathematische Grundkenntnisse
- Wahrnehmungsverbesserung
- Verbrauchsmaterial ...

THOMAS MÜLLER
KINDERGARTEN-SERVICE

**4, An der Haech - L-9833 DORSCHEID**
**Tel.: 92 30 12 - Fax: 26 91 02 50**
**e-mail: info@kolabutti.lu**

**Primus-Linie**

- Zahlendorf
- Zahlentreppe
- Zahlenpuzzle
- Zahlenrad
- Tangalo
- Funny Rail 1 &2
- Magnetwald
- Steckspiel Felix
- Puzzle Rondo
- Gewichtsbälle
- Regenbogenseile
- Therapie-Rutscher

**Kri kra krea Linie**

- Kiga-Allzweckfarbe
- Aqua Crayon
- Farbenzauber-Maschine
- Gel Glue Stick
- Kleberolle
- Ölpastellkreide
- Trockenwagen
- Ton- und Fotopapier

# Generalversammlung vun der AIP

## 4. Mee 2010 zu Walfer
## am Centre Prince Henry
## a Präsenz vun der Madame Mady Delvaux-Stehres
## an dem Inspekter Guy Strauss

### Fuerderunge fir d'Zukunft

**déiselwecht Aarbecht**
**=**
**déiselwecht Tâche**

1. **Eis Tâche:**

   - Mir hunn déiselwecht Ausbildung
   - Mir hunn déiselwechte Concours
   - Mir sënn eng Ecole fondamentale
   - Eis Aarbecht ass identesch mat dienen anere Cyclen also soll d'Stonnenzuel och d'selwecht sinn, dat heescht 23 plus eng wéi déi aner Cyclen

   Leider konnte mer bei de Verhandlungen vun der neier Carrière net derbäi sinn a mir sinn der Meenung, datt se do de Cycle 1 vergeess haten. Wéi kënnt et soss sinn, dat e mir méi Stonne schaffe mussen wéi d'Kanner an der Schoul sinn? Dat heescht d'Kanner mussen nosetzen fir datt d'Enseignanten hir Stonnen era kréien. An dienen anere Cyclen ass dat net esou, si kënnen hir Appuistonnen an di normal Schoulzäit integréieren. D'AIP fuerdert datt do geschwënn eppes geschid, well d'Enseignanten am Cycle 1 sënn iwwerfuerdert mat diene villen Zousatzstonnen. Den Appui vum Cycle 1 muss a soll an d'Schoulzäit falen. Mir fuerderen dofir déi selwecht Tâche wéi déi aner Cyclen.

   Ausserdiem musse mir ganz flexibel sinn an eise Programm an eis Preparatiounen un eis Kanner upassen, jee no Klassegréisst, jee no Temperament, je no Interessen. Hei kënnt een nach vill aner Facteuren opzielen, wou mir permanent eise Programm un eis Kanner mussen adaptéieren an dëst hëllt vill Zäit ewech. Et muss ee sech vill dokumentéieren an et muss ee vill nei Saachen ausschaffen.

2. Wann een die grousse **Surplus** vun administrativer a pädagogescher **Aarbecht**, die mam neie Schoulgesetz op eis duerkomm ass, kuckt, da froe mir eis oft, op nach genuch Zäit an Energie bleift fir sech richteg op déi eigentlech Schoulstonnen ze preparéieren. Dëse Surplus hellt eis **vill Energie a Motivatioun**, déi eigentlech de Kanner sollt zoukommen. Verschiddenes hu mer schonns erreecht, et gëtt scho manner Paperassen, mee manner Kontroll a méi Vertrauen an d'Enseignanten wier ubruecht. D'Enseignanten solle selwer kënnen décidéiere, wéi si hir zousätzlech Stonne wëllen opdeelen.

3. Et misst och fir de **Précoce eng « Scolarisation anticipée** d'enfants présentant une certaine maturité » ginn. Och dat neit Schoulgesetz bitt dat nach net un. An dem neie Gesetz gëtt elo no de Kompetenze vum eenzelne Kand gekuckt. Och am Précoce misst et dofir méiglech sinn, wann e Kand d'Kompetenzen aus diem Cycle erreecht huet, datt et kënnt weider goen. Hei wier et normal, datt ee Kand aus dem Précoce kënnt éischter an de Préscolaire eriwwer wiesselen.

4. D'Maison Relais'e goufe jo geschaaft fir den Elteren et ze erméiglechen zu 2 schaffen ze goen. Misst een do an Zukunft net och dorun denken, d'Kanner aus dem **Précoce och vum Schoultransport profitéieren** ze loossen? An der leschter Circulaire sidd Dir, Mme Minister, op dëse Wonsch agaangen an hutt de Gemengen dat recommandéiert, mee nawell se Gemengen, déi mengen, datt d'Kanner ouni Kannersëtzer am Bus net däerfen transportéiert ginn. Dozou misst villäicht nach eng Note mat méi Detailer erauskommen.

5. An der Circulaire hutt Dir, Mme Minister, d'Gemengen opgeruff fir de Précocekanner mindestens 4 Plagen unzebidden. Sollt de Ministère an Zukunft net versichen d'Précocen esou ze organiséieren, datt all Kand d'Recht an d'Chance kritt **mindestens 4 Plage beleeën ze kënnen, och an diene manner favoriséierte Gemengen**. Och miissten d'Elteren d'Plage fräi wiele kënnen, „selon les besoins". Ideal an nach besser wier et wann d'Elteren vu 4 bis 8 Plagen de Choix hätten. Dat gëtt wahrscheinlech eng Personal- a Raimlechkeetfro a verschiddene Gemengen.

6. Dozou hätte mer awer och nach zum **Contingent** eppes ze soen, datt d'AIP et guer net richteg fënnt, datt d'Précocekanner bei Beleeë bis manner als 5 Plagen nëmmen alles halleft Kand unerkannt gi beim Berechne vum Contingent. Am Ufank vum Joer sënn d'Précocekanner nach kleng a verschidden Eltere mellen se net oft un, mee no kuerzer Schoulzäit wëllen des Kanner oft méi dacks an d'Schoul kommen, duerfir ass et wichteg dass do eng gewësse Flexibilitéit bestoe bleift, déi am Laf vum Joer änneren däerf a kann. Am Ufank vum Joer ass d'Aarbecht am Précoce och fir den Enseignant ustrengend, dëst muss onbedengt beim Contingent beuecht ginn. D'AIP fuerdert, datt de Contingen fir all Kand aus dem Précoce ganz zielt, egal wievill Plagen des Kanner beleeën. Well dir gesitt, datt am Laf vum Joer villes ka changéieren, d'Kannerzuel, d'Plagenunzuel an de Betreiungsopwand. Jiddefalls ass eng Bestandsopnam am Dezember guer net richteg, héchstens an der Halschent vum Joer.

7. Beim Bau vu **neien Infrastrukturen**, sollen den 1.Cycle an déi aner net getrennt ginn. Mir sënn **eng Ecole fondamentale** an nëmmen esou kënne mer och zesumme concertéieren an zesumme schaffen. Nëmmen esou kann och zesummen e PRS, Projet de réussite scolaire duerchgefouert ginn. D'Strukture vun der Maison Relais solle ganz vun der Schoul getrennt sinn a bleiwen. Et däerf et net ginn, dat iwwer Mëtteg am Schoulsall geess oder gespillt gëtt. D'Kanner brauchen och Ofwiesselung, souwuel vun de Raimlechkeeten, wéi vun den ugebuedene Spillsaachen.

8. Och an Zukunft giffe mir eis duerfir asetzen, **datt et keng Vermëschung gëtt vun de Missiounen vum Cycle 1 an de „Structure d'acceuil",** wéi d'Maison relais. Eis Missioun ass an engem Plan cadre fixéiert, an dat ass alles anescht wéi eng Garderie.

9. Verschidde Stëmmen hu gemengt, d'AIP hätt elo keng **Daseinsberechtegung** méi. Well et an der Ausbildung elo nëmmen nach den "Enseignant unique" gëtt, dien an alle Cyclë ka Schoul halen a well eist neit Schoulgesetz nëmmen eng „Ecole fondamentale" méi virgesäit fir se all. Mee leider gëtt et nach net vill där Enseignanten, déi an all Cycle kënne Schoul halen, bis dat esou wäit ass, musse mir nach oft hëllefe, fir datt mir mat dienen anere Kollegen aus dienen anere Cyclë gläich gestallt ginn. Oft gëtt bei der Verdeelung vu Klassesäll, Déchargestonnen, Turn- a Schwammstonnen oder bei der Benotzung vu soss Raimlechkeeten nach ëmmer eng Differenz gemaach. Oft däerf de Cycle 1 net mat décidéieren a si mussen huele wat bleift. Dir gesitt, et gëtt nach laang ee Grond fir weider hin d'Enseignant'en aus dem Cycle 1 ze verteidegen, well nach hu mer d'Gläichstellung nëmmen um Pabeier.

10. Mir hoffen, datt mer an Zukunft och **un de Projet'en, déi eise Cycle betrëffen, kënne matschaffen** zum grousse Notze vun eise Kanner aus diem Cycle. Well mir sou munch gutt Ideeë kritt hunn an vill Erfahrung bei eisem Questionnaire gesammelt hunn.

# Fotoe vun der Generalversammlung 2010

# Zum Wohle der Kinder

## Vereinigung der Vorschullehrer übt Kritik am Schulgesetz

An die Feiern zum 40-jährigen Bestehen der „Association des institutrices et instituteurs de l'éducation préscolaire" im vergangenen Jahr erinnerten Präsidentin Yola Hild und Schriftführerin Simone Thill-Buchmann während der Generalversammlung.

Im Laufe der Versammlung legten die Vereinsverantwortlichen erste Resultate einer Umfrage zum neuen Schulsystem vor. Rund 70 Prozent aller aktiven Vorschullehrer und -lehrerinnen bezogen Stellung.

Diesen Auswertungen zufolge habe dieses Gesetz mit seinen pädagogischen Betreuungen und dem anfallenden Verwaltungsaufwand zu einem erheblichen zusätzlichen Arbeitsaufwand geführt. Deshalb sollten diese erweiterten pädagogischen Aktivitäten, aber auch die Pflichtgespräche mit den Eltern Teil der außerpädagogischen Lernbegleitung „appui" sein.

### Mehr Entscheidungsfreiheit und weniger Kontrolle gefordert

Zusätzlich wurden mehr Eigenentscheidungsfreiheit und weniger Kontrolle gefordert. Die Vorbereitung der Lernaktivitäten soll mit allen Aspekten dem Teilbereich „Konzertierung" zugerechnet werden.

In die Kritik gerieten auch Probleme beim Ersetzen von Lehrpersonal im Krankheitsfall und der nachfolgenden Aufarbeitung von Pflichtstunden nach erneutem Dienstantritt.

Ebenso sollte der Vorschulzyklus mit den anderen Zyklen betreffend die Zahl der zu leistenden Lernstunden gleichgestellt werden.

### „Zwei Bilanzierungen pro Kind im ersten Zyklus genügen"

Da Vorschulkinder sich nur schubweise entwickeln, dürften zwei Bilanzierungen pro Kind innerhalb des ersten Zyklus genügen. Begrüßt wurden die gebotenen Möglichkeiten sportlicher und kultureller Beschäftigungen.

Kritisiert wurde hingegen die Tatsache, dass jedes Kind in der Früherziehung mit weniger als fünf Betreuungseinheiten in der Woche nur als „halbes Kind" anerkannt werde.

Laut Ministerin Mady Delvaux-Stehres sollten notwendige Anpassungen des Schulgesetzes nach einer ersten Bilanzierung nach zwei Jahren erfolgen. Die pädagogische Lernbegleitung soll vorrangig Kinder mit Lernschwierigkeiten fördern.

Dem hingegen sollten Vorschule und „Maison relais" in der Erziehung ergänzend wirken. Ebenso bedürfe es beim Schultransport für Vorschulkinder und Kinder aus der Früherziehung keiner besonderen Vorkehrungen in den Schulbussen. Die Mittagszeit soll der Erholung der Kinder dienen. Für Schulinspektor Guy Strauss hingegen sind manche Probleme nur durch eine Verlängerung der Schulzeit lösbar.

Der Vorstand setzt sich wie folgt zusammen: Präsidentin: Yola Hidl; Sekretärin: Simone Thill-Buchmann; Kassiererin: Michèle Houllard; beisitzende Mitglieder: Nathalie Poos, Anne Stahl und Joëlle Theobald-Schmit. (pm)

# Gestalte mat Steng :

Sandbild: Sand mat déckflëssegem Paap mëschen, op engem Bried verdeelen a mat Steng a Muschelen dien naassen Ennergrond dékoréieren. Drechene loossen.

## Cotisation annuelle assurance comprise

Le montant de la cotisation s'élève à 18 Euro pour les membres, qui sont encore actifs dans la profession, respectivement 12 Euro pour les pensionnés et les membres d'honneur

### Demande d'adhésion ou changement d'adresse ou mise en retraite

Nom et prénom: _____

Brevet : _____

Année de promotion: _____

Lieu de travail: _____

Fonction actuelle: _____

Courriel/Email: _____

Adresse: _____

_____

## Demande d'encaissement

Je désire qu'à partir de l'année 200..... et jusqu'à révocation de cet ordre, le montant des cotisations annuelles de l'AIP soit porté au débit de mon compte.

Nom et prénom: _____

Adresse: _____

_____

No. de compte: IBAN LU _____

Auprès de (nom de la banque ou CCP) : _____

Luxembourg, le _____

Signature: _____

**À renvoyer à notre trésorière :**

**AIP** c/o Michèle HOULLARD

1, Wise Strooss

L-3336 HELLANGE

Téléphone 2662 13 16 ou courriel michele.houllard@education.lu

CCPLLULL IBAN LU84 1111 0405 4192 000 avec la mention "Cotisation AIP"

# E puer flott Iddie fir e Mammendagscadeau

aus dem Précoce 1 vun Iechternach Klass vum Theis Sandra

Schong oder Stiwwelen, déi d'Kanner mat Gipsverband ëmwéckelen, faarweg molen a flott décoréieren. Duerno nach eng kleng Planz dra stellen.

E Spigel mat Muggel- a Mosäiksteng " à la façon Hundertwasser", eng Spuerbéchs aus Papier-maché an e flott Bild fir opzehänken aus enger décker Kordel.

# ÉVEILLEZ LA CURIOSITÉ DES ÉLÈVES PAR L'INTERACTIVITÉ

- participation active des élèves
- éducation des contenus complexes d'une façon compréhensible
- orientation des élèves vers les nouvelles technologies




GROUPE CK
CHARLES KIEFFER

2, rue Léon Laval Z.A. am Bann
L-3372 Leudelange
Tél.: 26 380-1 Fax: 26 380-380

www.ck-online.lu
www.konicaminolta.lu

ēno™

PROMETHEAN

easy PROTECT
Le contrat tout en un
Minimum 100 € de rabais!
Paiement mensuel gratuit!
Libre choix du garage et expertise indépendante!
Optez pour easy-PROTECT et bénéficiez des garanties de LALUX-Autoprima et de LALUX-Home³. Profitez de rabais intéressants et d'avantages exceptionnels.
Parlez-en à votre agent ou contactez notre service clientèle au tél: 4761-1
easy-PROTECT vous simplifie la vie.
LA LUXEMBOURGEOISE
www.lalux.lu